N°4611
Entrée le 12.08.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.08.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 12. August 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister an d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden:

„An de leschte Joren hunn eng ganz Rëtsch Leit d'Lëtzebuerger Nationalitéit gefrot an déi, soubal si déi verschidde Bedéngungen erfëllt hunn, och kritt. An deem Zesummenhang ass et intressant ze kucken, bei wéi enge Gruppen de Wonsch, Lëtzebuerger ze ginn, an de leschte Jore besonnesch gewuess ass. Dat ëmsou méi, wou et net nëmme wichteg ass, eis Sprooch ze léieren, mee och eise Gesellschaftsmodell an eis institutionell Reegele matzedroen.

An deem Kader wollte mir dem Här Premierminister an der Madamm Justizministesch follgend Froe stellen:

- Kann d'Regierung déi 10 am stäerkste vertrueden Nationalitéiten zanter 2020 no Alter a Geschlecht opschlësselen?
- Wéi eng fënnef Natiounen aus Drëttstaaten, ofgesi vum amerikanesche Kontinent, weisen zanter 2020 dee stäerkste prozentualen Zouwuess bei de Persounen, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit ugeholl hunn? Kann d'Regierung d'Donnéeën och no Altersgruppen opschlësselen?
- Verfüügt d'Regierung iwwer Indicateuren, fir d'Effikassitéit vun de Formatiounen zur Kenntnis vun eisem Land, senger Geschicht, sengen Institutiounen a sengen demokratesche Reegelen ze moossen? Ass d'Regierung der Meenung, datt dës Formatiounen eng Kéier onofhängeg bewäert sollte ginn, a wa jo, a wéi engem Zäitraum?“

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Gilles BAUM
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu